*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Françoise Kemp), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Alex Donnersbach), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par Mme Barbara Agostino), Lydie Polfer (par M. Gilles Baum) et M. Gérard Schockmel.*

## 10. 8324 – Projet de loi portant réforme de la formation menant au brevet de maîtrise

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour. Dat ass de Projet de loi Nummer 8324 iwwert d'Reform vun der Ausbildung fir de Brevet de maîtrise. Et ass hei e Basismodell, an deemno huet d'Rapportrice 10 Minutten Zäit, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite jeeweils 5 Minutten an d'Regierung 10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Jeff Boonen, d'Madamm Francine Closener, den Här Fred Keup, d'Madamm Djuna Bernard, den Här Sven Clement an den Här David Wagner. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Barbara Agostino. Madamm Agostino, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse***

**Mme Barbara Agostino** (DP), rapportrice | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Gesetzesprojet, deen ech Iech haut virstellen, maache mir e wichtege Schratt dohin, eis Formatiounsoffer am Handwierk weiderzeentwéckelen an de reelle Besoinen um Terrain unzepassen. D'Haaptzil ass heibäi, d'Formatioun, déi zum Brevet de maîtrise féiert, grondleeënd ze reforméieren. Gläichzäiteg soll dëse Projet de loi d'Gesetz vum 11. Juli 1996 ofléisen, dat zanter iwwer zwee Joerzéngten dës Formatioun gereegelt huet.

Loosst mech mat engem Wuert zum Kontext ufänken: Mat ronn 8.600 Betriber an 105.000 Aarbechtsplazen ass d'Handwierk net nëmmen e wirtschaftleche Motor, mee och e staarke Pilier an e Kärstéck vun der Identitéit vun eisem Land. De Brevet de maîtrise spillt hei eng zentral Roll. En ass vill méi wéi eng technesch Spezialitéit nom DAP. Hien ëmfaasst engersäits den Entreprisemanagement, anerersäits awer och d'Pedagogik an den Encadrement vum Apprenti esouwéi och d'Entwécklung vun essentielle Beruffskompetenzen. De Brevet de maîtrise ass dowéinst dacks déi natierlech Viraussetzung fir eng Karriär als Chef d'entreprise oder Responsabelen an engem Betrib oder awer och an enger Verwaltung.

Scho mat der Reform vun 1996 gouf d'Verbindung tëschent dem Brevet an dem Droit d'établissement oder och dem Recht, Apprentien ze forméieren, geléist. D'Zil vun der aktueller Reform ass elo, de Brevet méi allgemeng opzestellen a méi flexibel an och méi accessibel ze maachen.

Zu den Haaptännerungen, déi dëse Projet de loi ëmsetzt, gehéiert:

Éischtens kritt de Brevet eng nei Struktur. Amplaz vun 31 Breveten, déi aktuell no eenzelne Beruffer organiséiert sinn, gi ronn 15 Breveten no „domaines d'activité" zesummegefaasst. Dës nei Struktur orientéiert sech un den Enseignementsaktivitéiten, déi gemeinsam Charakteristiken deelen.

*(M. Michel Wolter prend la présidence.)*

D'Coursë ginn an zwee Léierberäicher nei strukturéiert: ee gemeinsame Beräich fir all Secteuren, mam Titel „Gestion d'entreprise a pedagogesch Uwendung", dee fënnef Moduller ëmfaasst, an ee spezifesche Beräich pro Secteur, ënnert der Bezeechnung „Technologie a berufflech Praxis", deen aus dräi bis fënnef Moduller besteet, dorënner och e beruffleche Projet.

Den Zougang ass och elo fir Leit méiglech mat engem Niveau-3-Diplom vum nationale Qualifikatiounskader. Ausserdeem ass eng deelweis Dispens méiglech fir Leit mat engem méi héijen oder gläichgestallten Diplom. Eng weider grondleeënd Ännerung ass, datt d'Fuerderung vun engem Joer berufflecher Praxis nom DAP elo komplett entfält.

Och bei de Coursen an Exame gëtt et Ännerungen, woubäi d'Praxis am Mëttelpunkt steet: De klassesche schrëftlechen Ofschlossexame gëtt duerch e „projet professionnel" ersat. Zousätzlech huet elo all Kandidat e Recht op Asiicht a seng Examensdokumenter. Ausserdeem kritt d'Kommissioun vun Experten, déi aus Vertrieder vun der Chambre des Métiers an der Chambre des Salariés zesummegesat ass, mat dësem Gesetz eng legal Basis. D'Indemnisatioun vun de Kommissiounsmembere gëtt mat engem kloren Text gereegelt.

E ganz grousse Schrëtt an déi richteg Richtung, fir d'Entrepreneriat ze ënnerstëtzen an ze fërderen, ass och, datt d'Formatioun ab elo gratis gëtt. Fir awer iwwerméisseg Aschreiwungen ze vermeiden an d'Ressourcen effizient ze notzen, gëtt e System vu Prefinanzéierung agefouert: D'Kandidate bezuelen am Ufank, kréien déi Käschten awer no erfollegräichem Ofschloss zréckbezuelt. D'Dauer fir d'Ofschléissen ass op sechs Joer limitéiert. Dësen Delai kann allerdéngs an Ausnamefäll bis op néng Joer verlängert ginn, bei gudder Begrënnung, wa beispillsweis eng Absence de longue durée wéinst Gesondheetsproblemer virläit.

D'Reform, déi mat dësem Projet de loi soll ëmgesat ginn, ass net nëmmen eng technesch Upassung, mee eng Ëmstrukturéierung, eng zukunftsorientéiert Neiausriichtung vum Brevet de maîtrise. Si verfollegt d'Zil, de Brevet méi attraktiv a méi effizient ze maachen, jonk Leit ze motivéieren, d'Féierung vun engem Betrib ze iwwerhuelen oder selwer ze grënnen, an de Qualitéitsstandard am Handwierk ze erhalen an auszebauen.

Zu dësem Projet de loi gouf et och eng Rei Avisen. A sengem éischten Avis hat de Staatsrot eng Rei Virschléi a formell Oppositioune formuléiert. De Staatsrot hat d'Feele vun engem Delai fir d'Decisioun vum Minister bei engem Recours géint de Refus vun der Examenszouloossung bemängelt. Als Reaktioun dorop gouf am Projet de loi en Delai vu 15 Deeg no der Notifikatioun vum Recours agefouert.

Am ursprénglechen Text vum Projet de loi ware keng Indemnitéite fir d'Membere vun der Examenskommissioun, Experten, de Sekretär oder de Commissaire virgesinn. Den einfache Renvoi op d'Reglementéierung wier net konform mat der Verfassung. Als Léisung gouf eng Annex bäigefüügt, fir dass d'Indemnitéiten duerch d'Gesetz gereegelt ginn.

Des Weidere sollten dem Staatsrot no Examensdokumenter, Verbesserungen a Barèmen als perséinlech Donnéeën ugesi ginn, wat esou och ëmgesat gouf.

Fir d'Kandidaten net an hirem Rescht op Accès ze beschränken, huet de Staatsrot gefuerdert, d'Consultatiounsrecht fir all evaluéierte Kandidat ze garantéieren – net nëmme fir déi, déi den Examen net gepackt hunn. Och dës Fuerderung gouf an de Gesetzesprojet iwwerholl. Donieft gouf de Consultatiounsdelai vun engem op dräi Méint verlängert.

D'Chambre des Fonctionnaires et Employés publics schléit an hirem Avis d'Klasséierung vum Brevet de maîtrise net an de Gruppen D1 an C1 vum nationale Qualifikatiounskader, mee am Grupp B1 vir. Si kritiséiert, dass ëmmer méi Beruffer kéinten ouni Brevet ausgeüübt ginn, an ënnersträicht dowéinst d'Noutwendegkeet, a verschiddene Beräicher eng Formation professionnelle ze suivéieren, fir spéider eng Entreprise kënnen ze grënnen.

D'Chamber ass skeptesch vis-à-vis vun der Schafung vu breet definéierten Aktivitéitsfelder, well dat hirer Meenung no zu enger „Verwässerung vu beruffleche Spezialisatioune" féiere kéint.

D'Chambre professionnelle gesäit och d'Ouverture vum Brevet fir d'Kandidaten ouni professionell Ausbildung, zum Beispill fir en Detenteur vum Diplom vum Cycle moyen, kritesch. Amplaz sollt de Brevet hirer Meenung no duerch besser Perspektiven, wéi zum Beispill en Zougang zu engem Héichschoulstudium, méi valoriséiert ginn.

Si fuerdert méi flexibel Aschreiwungsmodalitéiten an eng kloer gesetzlech Reegelung, déi kläert, ob d'Examenskäschten – an net just d'Courskäschten – rembourséiert ginn.

Schlussendlech ass se der Meenung, dass d'Examenskommissiounen aus Fachleit sollte bestoen, déi selwer e Brevet de maîtrise hunn, a si fuerdert, dass de Projet professionnel kloer mam gewielte Beruffszil soll verbonne ginn.

D'Chambre des Salariés ënnerstëtzt déi nei Definitioun vum Brevet mat Fokus op Entreprisegestioun a proposéiert gläichzäiteg, d'Méiglechkeet vu Presenz-, Distanz- oder gemëschte Formatioune gesetzlech festzehalen. Si stellt sech och d'Fro iwwert den Accès fir d'„élèves libres", notamment déi Schüler, déi sech en cours de validation vun hire schoulesche Leeschtunge befannen. Si ënnerstëtzt d'Prefinanzéierung vun der Formatioun, verlaangt awer gläichzäiteg d'Ofdeckung vun alle Käschten, inklusiv Certificaten a Material. Si schléit ausserdeem vir, Force majeure als zousätzleche Grond fir eng Derogatioun beim Sechs-Joer-Delai anzeféieren, a plädéiert fir eng Requalifikatioun op Niveau 6 vum Brevet am nationale Qualifikatiounskader.

D'Chambre de Commerce monéiert an hirem Avis eng Ongläichheet tëscht Kandidaten, déi virun, an deenen, déi no der Reform ageschriwwe goufen, well de Remboursement just fir déi nei Kandidate gëllt. Des Weidere kritiséiert d'Chambre de Commerce, dass e puer Beruffer op der Lëscht C ouni Qualifikatioun kënnen ausgeüübt ginn, wat hirer Meenung no technesch Beruffer kéint devaloriséieren.

D'Chambre des Métiers weist an hirem Avis dorop hin, dass d'Reform zesumme mat hinnen an der Chambre des Métiers ausgeschafft gouf an dofir och hir Ënnerstëtzung huet. Si insistéiert awer dorop, dass de Brevet um Niveau 6 vum nationale Qualifikatiounskader sollt ugesi ginn an domat och d'selwecht valoriséiert gi wéi e Bachelor. Ausserdeem fuerdert d'Chambre des Métiers verbessert Indemnitéite fir d'Formateuren, d'Experten an

d'Kommissiounsmemberen, esouwéi dass am Artikel 16 vum Gesetz kloer Reegelen iwwert déi néideg Pièce fir eng Derogatioun vum Sechs-Joer-Delai ernimmt sollte sinn.

An hirem Avis complémentaire ënnerstëtzt d'Chambre des Métiers d'Amendementer, déi gréisstendeels den Observatioune vum Staatsrot Rechnung gedroen hunn.

Schlussendlech begréisst d'Chambre d'Agriculture an hirem Avis d'Trennung vum Brevet de maîtrise vum Recht op Etablissement an dem Recht, Apprentien ze forméieren, als „noutwendeg Entwécklung an Upassung un d'Transformatioun vum Secteur". Si ënnerstëtzt och ausdrécklech d'Gratuitéit vun de Coursen, setzt sech par contre awer fir eng Reklassifikatioun vum Brevet op den Niveau 6 vum nationale Qualifikatiounskader an.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dëse Gesetzesprojet gouf zesumme mat der Chambre des Métiers, déi d'Coursen an d'Examen organiséiert, an am Dialog mat deenen anere berufflech Kummeren ausgeschafft. Esou konnten d'Experienzen, déi bis elo gemaach goufen, an och wichtege Feedback mat an den Text afléissen, fir d'Gesetz esou un d'Konditiounen an d'Besoine vum Terrain unzepassen.

Dëst gesot, ginn ech den Accord vu menger Fraktioun. Merci fir d'Nolauschteren.

**M. Michel Wolter,** Président de séance | Ech soen der Madamm Agostino Merci fir hire Rapport.

Ech ginn d'Wuert da weider un den éischte Riedner, den honorabelen Här Jeff Boonen. Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Jeff Boonen** (CSV) | Merci, Här President. All Dag brauche mir Handwierker. Déi grouss Erausfuerderungen an eisem Land, wéi de Logement, d'Mobilitéit, d'Energietransitioun, mee och d'Veraarbechtung vun eise regionale Liewensmëttel, hänken direkt vum Handwierkssecteur of. A vill Beruffer am Handwierk droen och derzou bäi, eisen Alldag ze vereinfachen. Fir et kloer ze soen: Ouni Handwierker geet et net!

D'Madamm Rapportrice huet d'Zuele scho genannt: 8.600 Betriber, 105.000 Aarbechtsplazen hei am Land. D'Handwierk bitt jonke Leit eng spannend an nohalteg Aarbechtsplaz an hëlleft och, d'wirtschaftlech Aktivitéit an eise ländleche Regiounen an Dierfer ze stäerken.

**Une voix** | Très bien!

**M. Jeff Boonen** (CSV) | Mir mussen iwwer attraktiv Ausbildungs- a Weiderbildungsweeër sécherstellen, dass virun allem jonk Leit Perspektiven am Handwierk hunn. A genee hei setzt dëse Projet de loi un. D'Reform vum Brevet de maîtrise moderniséiert d'Meeschterausbildung, fir se méi attraktiv an zougänglech ze maachen a se besser un d'Realitéite vum Handwierk unzepassen.

Wéi an alle Beruffer muss een och am Handwierk flexibel an oppe bleiwen, sech permanent weiderbilden an den Erausfuerderunge stellen. Dofir ass et richteg, den Zougang zur Meeschterausbildung ze vereinfachen an, wéi d'Rapportrice et gesot huet, d'Kandidate schonn ab engem Diplom um Niveau 3 vum nationale Qualifikatiounsramen zouzeloossen. D'Schoulen, déi ee gemaach huet, sollen Dieren opmaachen an net zoumaachen.

Mir begréissen och den neie Finanzéierungssystem vum Brevet. Et ass richteg, dass d'Formatioun net vu virera gratis ass, mee wann een de Brevet packt, kritt een d'Fraise rembourséiert. Dat soll eng zousätzlech Motivatioun sinn, fir d'Meeschterkaart virzebereeden an ze packen. Wann een an Zukunft gesäit, dass Schüler Problemer hunn, d'Ausbildung virzefinanzéieren, an dat eng reell Hürd ass, fir dës wichteg Ausbildung ze maachen, duerfe mir eis engem Bäihëllefemodell net verschléissen, sou wéi et och Prêten a Boursse fir Studenten op der Uni gëtt.

Déi nei Struktur vun der Formatioun mat der Zesummeleeung vu Beruffer no Aktivitéitsberäicher an déi nei Examensstruktur mat engem begleete Projet professionnel fërdere genee déi Kompetenzen, déi haut am Betrib gefrot sinn: praktesch Fäegkeeten, Multidisziplinaritéit an och e breet Managementwëssen.

Wéi ech am Ufank gesot hunn: Mir brauchen e staarkt Handwierk, an all Talent gëtt gebraucht. Et ass un eis als Politick, hinnen d'Dieren opzemaachen. An dësem Kader ass et och wichteg, d'Iddi weiderzeféieren, dass een en DAP an engem Joer maache kann, wann ee schonn e Premièresdiplom huet. Oft fënnt een eréischt no der Première säi richtege Wee. A wann een dann oder méi spéit am Liewe seng Beruffung am Handwierk fënnt, sollt dat dann och méiglech sinn.

D'Entscheedung fir d'Handwierk ass nach ze dacks eng Noutléisung, wann ee soss keng aner Optiounen huet. Fir staark Schüler ass et selten eng Optioun, no der Cinquième direkt an d'Handwierk ze goen. Mat 15 Joer eng Léier unzefänken, heescht och, mat 15 Joer an engem Aarbechtskontrakt ze sinn, keng Schoulvakanze méi ze hunn an och keng Studentejoren ugerechent ze kréien. Dofir ass et nach méi wichteg, Weeër opzemaachen, fir och méi spéit an der schoulescher a beruffflecher Karriär zum Handwierk ze kommen an och eng Meeschterkaart kënnen ze maachen.

Dës Reform bitt dem Handwierk eng zolidd Weiderbildung mat engem Brevet de maîtrise, dee vill Dieren opmécht. Als CSV-Fraktioun begréisse mer dëse Projet.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Michel Wolter,** Président de séance | Merci, Här Boonen. An ech ginn d'Wuert da weider un d'honorabel Madamm Francine Closener.

**Mme Francine Closener** (LSAP) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wat ass d'Zukunft vum Handwierk? Kréie mer jonk Leit an och hir Elteren iwwerzeegt, datt eng Karriär als Handwierker gläichwäerteg ass mat enger akadeemescher Karriär? Wat maache mer, fir dass d'Orientation par l'échec an d'Formation professionnelle endlech ophält? Dat si Froen, déi d'Handwierk selwer an och d'Politick zanter Joren, wann net Joerzéngten, beschäftegt. A sou komplex wéi d'Froe si leider och d'Äntwerten.

Sécher ass, datt eng qualitativ héichwäerteg Ausbildung fir de Meeschterbréif en zentraalt Element ass fir eng Opwäertung a fir d'Attraktivitéit vum Handwierk. An duerfir ënnerstëtzt d'LSAP dëse Projet, deen och nach ënnert der viregter Regierung deposéiert ginn ass.

De Meeschterbréif ass en Diplom, deen hei am Land, awer och international eng grouss Unerkennung genéisst, an et ass wichteg, datt mer dëse Wäert erhalen. Duerfir brauche mer modern Formatiounen, déi den aktuellen Erausfuerderunge gerecht ginn, kloer, transparent Reegele fir Examen a Beruffsofschlëss. Dëse Projet ass duerfir ganz kloer e Schratt an déi richteg Richtung, ëmsou méi well e jo och mam Terrain ausgeschafft ginn ass.

Mee mir bedaueren awer, datt sech d'Pläng fir eng méi déifgräifend Reform vum Handwierk zanter dem Depot vun dësem Projet nach net wierklech konkretiséiert hunn. Mir verstinn net, firwat och hei net vun der Geleeënheet profitéiert gëtt, fir den Niveau vum Meeschterbréif op den CLQ-6-Niveau ze hiewen, also op den Niveau wéi de Bachelor.

D'Chambre des Salariés engersäits an d'Chambre des Métiers anerersäits schwätze sech jo kloer derfir aus. An Däitschland, an Éisträich, an der Schwäiz an anerwäerts ass dat schonn de Fall. An eis Formatioune si geneesou komplex a stinn deenen am Ausland a guer näischt no. Eng Meeschterbréifausbildung erfuerdert ganz vill perséinlecht Engagement, an dat ganz dacks owes nach no der Aarbecht an och um Weekend. Wann ee säi Brevet gepackt huet, bréngt ee ganz vill Fachwësse mat, dat um Terrain dréngend gebraucht gëtt. Dat muss entspriechend unerkannt ginn.

Eng Valoriséierung vum Meeschterbréif um CLQ-Niveau 6 wier méi wéi gerecht. Hei verpasse mer leider eng Chance. De Minister sot an der Kommissioun, hie géif un enger grousser Reform vum Enseignement supérieur an der Formation professionnelle schaffen – oder drun denken an dru schaffen. Dat ass jo gutt. Hei hätt een awer och kënne weisen, datt een et wierklech eescht mengt, wéi gesot, well béid Beruffschamberen dat jo och kloer fuerderen.

Wa mer e staarkt Handwierk wëllen, dann dierfe mer natierlech awer och déi Jonk net vergiessen, fir déi de Meeschterbréif nach wäit ewech ass, well se eréischt ganz am Ufank vun hirer Karriär stinn. An och hei um Niveau vun der initialer Beruffsausbildung ass Reformbedarf. Wéi gesot, d'Orientation par l'échec ass leider nach ëmmer Alldag an esou kritt ee Jonker natierlech net motivéiert. Esou schaaft ee leider keen engagéierten an dynamesche Secteur mat vill Nowuess, wat mer awer brauchen, well grad déi Kënschtlech Intelligenz ass fir d'Handwierk eng grouss Chance. Engersäits fale wuel Beruffer ewech, déi einfach ze automatiséiere sinn, déi souwisou manner attraktiv sinn. Anerersäits sinn et awer grad déi, déi Kreativitéit erfuerderen, sozial Kompetenzen, individuell Léisungen. Grad esou Handwierksberuffer wäerte floréieren, an et wier jo awer en dauere Schued, wa mer deene Jonke vun haut dat net séier an anstänneg vermëttelt kréichen.

En attendant bréngt dëse Projet, wéi gesot, eng ganz Rei vu Verbesserungen um Niveau vun der Formatioun fir de Meeschterbréif. An duerfir stëmme mer de Projet mat an erwaarden, datt de Minister Wuert hält a sech séier mat weidere Schrëtt begannt.

Merci.

**M. Michel Wolter,** Président de séance | Merci, Madamm Closener. D'Wuert geet da weider un den honorabelen Här Fred Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, ech denken och, dass d'Handwierk eng besser Zukunft huet, wéi et am Moment haut ausgesäit. Ech mengen, dass d'Handwierk an Zukunft méi wichteg wäert si par rapport zu anere Beruffssparten, déi haut vläicht vu Jonken éischter an d'A gefaasst ginn. An dat stëmmt mech positiv, well ech der fester Iwwerzeegung sinn, dass d'Handwierk dat och verdéngt, méi verdéngt.

Mir hunn net méi genuch Leit, déi en Handwierk wëlle léieren. Iwwert déi leschte Jore gouf et an der Metzlerléier, ech mengen, nach dräi, véier, fënnef Kandidate pro Joer. Bei de Schräiner an esou ass et net vill besser. An dat geet bei Wäitem net duer, an dat wësse mer alleguerten. Mir schwätzen hei säit Joren doriwwer, aner Leit och. An iergendwéi huet wuel keen déi richteg Léisung oder et ass keen, dee se hëlt.

Ob dëse Gesetzesprojet do elo eng grouss Ännerung bréngt, dat woen ech ze bezweifelen. Hei ginn eng Partie Upassunge gemaach, déi een als positiv

bezeechne kann, déi meng Virgänger hei schonn ernimmt hunn. Dat ass richteg. Mir mengen awer net, dass dat de grousse Worf ass.

Et ass dann d'Fro, ob ee méi liberaliséiert: Mécht een et méi einfach? Oder bleift ee méi streng? Dann hält een den Niveau méi héich. Wat maacht Der gär? Kloer ass, dass de Meeschterbréif bis elo méi wichteg war, wann een e Betrib wollt grënnen, wat zu engem groussen Deel och richteg ass an eisen Aen. An duerfir fanne mer dat elo net gutt, wann dat verwässert gëtt an de Meeschterbréif manner wichteg ass, fir e Betrib ze grënnen. E Meeschterbréif ass haut de Garant fir Fachwëssen, Sécherheet a Qualitéit. An dat sollte mer héichhalen a mir sollten net, wéi an anere Beräicher och, an eng Richtung goe vun engem Nivellement vers le bas. Dat géif, mengen ech, och dem Handwierk net zeguttkommen.

Duerfir wäerte mer eis bei dësem Gesetz hei enthalen, well mer eng Partie Saache gutt fannen an eng Partie Saachen awer net.

A loosst mech och nach soen: Mir sinn och der Meenung, dass an der Examenskommissioun op jidde Fall sollte Leit sëtzen, déi selwer eng Meeschterprüfung gemaach hunn, fir ze kucken, ob d'Kandidaten eng Meeschterprüfung packen. Dat schéngt eis evident ze sinn.

Ech soen Iech Merci.

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Michel Wolter,** Président de séance | Merci dem Här Keup. D'Wuert geet weider un d'Madamm Djuna Bernard. Dir hutt d'Wuert.

**Mme Djuna Bernard** (déi gréng) | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, mir diskutéieren haut iwwer e Projet de loi, deen d'Formatioun zum Brevet de maîtrise reforméiert an un d'Realitéite vum Terrain upasst.

Mir Gréng begréissen dëse Schrëtt. D'Regruppéierung vu verschiddene Breveten, d'Reorganisatioun vun de Coursen an d'Opwäertung vun den Examenskommissioune si wichteg Elementer, déi zu enger Moderniséierung vum Brevet féieren. Awer et bleiwen eng Rei strukturell Schwaachstellen, déi mer net kënnen a wëllen ignoréieren.

Et ass positiv, dass d'Formatioun gréisstendeels remboursséiert gëtt. Awer esou wéi de System aktuell virgesinn ass, mussen d'Kandidatinnen a Kandidaten d'Suen am Viraus bezuelen a kënnen eréischt spéider op e Remboursement hoffen – wa se dann innerhalb vum Delai d'Formatioun gepackt hunn. E Recht op Trial and Error ass also net ginn.

D'Chambre des Salariés huet an hirem Avis kloer drop higewisen, datt dat e Risiko duerstellt, besonnesch fir déi, déi net op e grousst finanziellt Polster kënnen zréckgräifen. D'Gefor bleift ginn, dass Jonker wäerten ofgeschreckt ginn, well se et sech net leeschte kënnen, fir d'éischt an d'Täsch ze gräifen. Hei hätt ee sech och en ëmgedréinte System kënne virstellen, dee méi Kulanz bitt a wou de Schüler nëmmen dann hätt misse bezuelen, wann en et no e puer Versich net gepackt respektiv d'Formatioun opgehalen hätt.

Eng zweet zentral Kritick – an déi gouf och vu sëllege Virriedner schonn ugeschwat – geet un d'Bewäertung vum Meeschterbréif selwer. Och mat dësem Gesetz bleift de Brevet de maîtrise weiderhin um CLQ-Niveau 5. An eng méi fundamental Diskussioun, ob dëst den ubruechten Niveau ass, ass eiser Meenung no batter néideg, dat, well en eiser Meenung no am Aklang mat de Kompetenzen u sech dem CLQ 6 entsprécht. An dat ass net nëmmen eis Meenung. Dat ass och eng, déi vu sëllege Beruffskummeren ënnerstrach a gedeelt gëtt. An et kann een natierlech och par analogie an eng Rei aner Länner a Westeuropa kucken, wou dat elo schonn de Fall ass. Éisträich oder Däitschland si scho genannt ginn.

De Meeschterbréif ass net nëmmen en handwierklechen Ofschloss. En ëmfaasst eebe grad och Management, Personalverantwortung a Formatiounskompetenzen – alles Saachen, déi och mat dëser Reform berücksichtegt ginn. Also wisou net generell den Niveau vum Meeschter hiewen?

Mir sinn als Gréng ausdrécklech dofir, de komplette Curriculum vun den Diplomer an der Beruffsausbildung ze iwwerschaffen, d'Passerelle besser auszebauen an am Fall vum Meeschterbréif em eebe grad déi Unerkennung ze ginn, déi senger Roll entsprécht. Et wär net nëmmen eng Fro vu Kohärenz, mee et wär och e staarkt Signal un déi jonk Generatioun, dass Handwierk an héich Qualifikatioun keng Géigesätz sinn, mee Hand an Hand ginn.

An an dësem Kontext stelle sech eng Rei wichteg, vill méi grouss Froen, déi d'Politick an d'Gesellschaft sech musse stellen a beäntwerten. An ech mengen, dass och schonn d'lescht Woch an der EduTrends-Konferenz eng wichteg Diskussioun lancéiert ginn ass. An zwar sinn dat Froe wéi: Wat brauche jonk Mënschen, fir sech bewosst fir eng Beruffsausbildung ze entscheeden? Wéi kënne mer d'Attraktivitéit vum Handwierk erhéijen, net nëmmen duerch eng Remuneratiounsfro, mee iwwer gesellschaftlech Wäertschätzung an awer och Karriärsperspektiven? A sinn eis Ausbildungsweeër prett fir déi ökologesch an awer och déi digital Transformatioun, déi eeben elo schonn am Handwierk amgaangen ass?

De Ministère huet sech duerch d'Konferenz vun der leschter Woch an doriwwer eraus hoffentlech schonn e bësselche méi generell Gedanke gemaach iwwert d'Ufuerderunge vun der Beruffsausbildung vun der Zukunft. An ech wier frou, wann den Här Minister eis haut hei kéint seng Akzenter an och scho vläicht e puer strukturell Reflexioune fir d'Zukunft mat op de Wee ginn.

D'Reform vun haut ass een Element. Mee déi politesch Ambitioun, déi mer mussen hunn, déi muss och doriwwer erausgoen. Well mir wëllen en Handwierk, dat Zukunft huet. A mir wëllen eng Ausbildung, déi dës Zukunft méiglech mécht.

Ech soen Iech Merci.

**M. Michel Wolter,** Président de séance | Merci der Madamm Bernard. An d'Wuert geet weider un den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, jo, haut sti mer hei, fir iwwer e Gesetzesprojet ze diskutéieren, deen eis als grouss Reform vum Handwierk verkaf gëtt. Mee loosst eis éierlech sinn: Dës Reform geet zum gréissten Deel laanscht de Kärproblem vum Handwierk.

Well wat proposéiert d'Gesetz? Manner Breveten, e méi einfachen Zougang, gratis Coursen. Dat kléngt alles schéin a gutt a gouf Iech jo och elo vun de Virriednerinnen a Virriedner esou duergeluecht. Awer déi zentral Fro bleift onbeäntwert a gouf um Rand vu Verschiddene vun Iech schonn ugeschwat, nämlech: Firwat wëlle jonk Leit net méi an d'Handwierk?

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

Ech géif eng einfach Äntwert proposéieren: Et ass a a ganz ville Fäll net d'Schwieregkeet vum Meeschterbréif, déi d'Leit ofhält. Et ass leider ganz heefeg d'Reputatioun vun dëse Beruffer selwer. An eiser Gesellschaft gëllen Handwierker vill ze heefeg nach ëmmer als, Zitat, „zweet Klass".

An ech ginn Iech e Beispill: Meng Mamm ass Léierin. A meng Mamm huet dëst Joer e Cycle 4.2. Dat ass dat, wat ee fréier d'sechst Schouljoer genannt huet. An dat ass do, wou et dann ëm d'Orientatioun geet, wou et drëm geet, a wéi eng Schoul d'Kanner ginn. An d'Unzuel vu Recourse vun Elteren, déi der Meenung sinn, datt hiert Kand awer onbedéngt an eng méi héich Kategorie Schoul misst agestuuft ginn, hëlt vu Joer zu Joer zou.

An dat weist, mengen ech, wou d'Krux läit: d'Unerkennung vun dëse Beruffer, d'Unerkennung vun engem handwierkleche Bildungswee, d'Unerkennung vun eeben enger praktescher Ausbildung. Well d'Elteren drécken hir Kanner a Richtung Uni, well se „eppes Besseres" aus sech maache sollen. Dobäi ass Handwierker sinn en éierlechen Job, e wichtegen Job, eppes, wat mer brauchen, well soss, nëmme mat Leit, déi „eppes Besseres" wëlle sinn, kënne mer keng Gesellschaft bauen.

Wat nëtzt et eis awer dann, wa mer de Meeschterbréif vun 31 op 15 Domäne reduzéieren, wann déi Leit, déi mer brauchen, guer net méi kommen, fir sech ausbilden ze loossen? Wat nëtzt et eis, wa mer d'Ausbildung gratis maachen, wann d'Gesellschaft ëmmer nach mengt, datt d'Handwierker manner wäert wäre wéi Staatsbeamten oder Employéen?

Wann ech eng futtis Mauer mat enger schéiner, neier Faarf ustraichen, ännert dat näischt um Zoustand vun der Mauer. Si ass a bleift futti. De fundamentale Problem gëtt op jidde Fall net geléist: d'Valorisatioun oder d'Unerkennung vun dëse wichtege Beruffer, déi och mat dësem Gesetz weiderhi feelen.

Jo, et gouf geschwat iwwert de Qualifikatiounsniveau, op deem mer de Meeschterbréif usidelen. A jo, dat wär eng wichteg Etapp gewiescht. Loosst eis der Realitéit also weider an d'Ae kucken: Eis Handwierker verdéngen dacks manner wéi Leit, déi an engem Büro schaffen. Si schaffen heefeg ënner méi schwieregen Ëmstänn. A jo, vill Eltere wëllen hir Kanner net an d'Handwierk orientéieren.

An der Zwëschenzäit schwätze mer da vum Fachkräftemangel, jo, dem Fachkräftemangel am Handwierk. A mir stellen eis d'Fro: Wéi ass dat dann elo op eemol geschitt? Majo, wann ee kee méi an d'Handwierk, an eng handwierklech Ausbildung orientéiert oder ëmmer méi Leit der Meenung sinn, datt se hir Kanner net wëllen dohinner orientéieren, majo da gëtt iergendwa kee méi ausgebilt oder net genuch an dann hu mer e Problem. An do si mer.

Wann een also e Secteur joerzéngtelaang ignoréiert oder ënnerbewäert, da fënnt een och keng Leit méi, déi e wëlle maachen. Wat mer also wierklech bräichten, au-delà vun dësem Gesetz – an et ass net den Educatiounsminister, deen dofir eleng d'Responsabilitéit dréit –, dat wäre besser Léin fir d'Handwierker, och bei de staatleche Karriären – an et gëtt eng ganz Rëtsch Plaze beim Staat, wou et och iwwert d'Astufung vun den Diplomer vun Handwierker geet –, méi Respekt a gesellschaftlech Unerkennung, Campagnen, déi weisen, datt d'Handwierker essentiel sinn, d'Valorisatioun vu manueller Aarbecht, d'Gläichsetzung mat anere Beruffer an, jo, d'richtegt Aklasséiere vum Diplom.

Mat dësem Gesetz kréie mer eng Reform, déi d'Symptomer behandelt, awer d'Ursaach wäitgeeënd ignoréiert. Mir reorganiséieren d'Struktur, änneren awer näischt un der Mentalitéit vun der Gesellschaft.

Jo, d'Regierung hätt ministeriell iwwergräifend kënnen eng richteg Revolutioun ugoen. Mee nee, hei gëtt eng kosmeetesch Reform gemaach, eng kosmeetesch Reform, déi d'Ënnerstëtzung vum Secteur huet …

*(Interruption par Mme Barbara Agostino)*

Jo, ech sinn der Meenung … Ech … Gitt mer eng Chance, Madamm Agostino.

*(Interruption par Mme Barbara Agostino)*

… eng Reform, déi d'Ënnerstëtzung vum Secteur huet, déi consultéiert huet, déi sécherlech zur Vereinfachung vum Meeschterbréif bäidréit. Dat ass dat Positiivt, wat ech hei erausshuelen. An dat ass och dat, firwat mer et kënne matdroen.

Mee u sech bräichte mer eng vill méi fundamental Reform vum Handwierk. An nach eng Kéier: Dat ass net aleng dem Educatiounsminister säi Ressort. Do wären och aner Ministeren, déi haut net hei sinn, néideg, fir dat kënnen ëmzesetzen. An ech hoffen, datt dat dann an nächster Zäit och vun der ganzer Regierung esou presentéiert gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Clement. D'Wuert huet elo den Här David Wagner. Här Wagner.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Mir sollen haut dann iwwer e Projet de loi ofstëmmen, deen de Brevet de maîtrise opwäerte soll. Mee méi global gesi reit sech déi Diskussioun an an eng Diskussioun iwwert d'Opwäertung vum Handwierk iwwerhaapt. An trotz enger Partie Kritickpunkten, op déi ech wäert nach zréckkommen, si mer der Meenung, datt dëse Projet awer éischter an déi richteg Richtung geet. Dofir wäerte mer en awer och matstëmmen.

Mir begréisse bestëmmt Verbesserungen. D'Fënstere ginn opgemaach, fir Jonken a manner Jonken aus dem Classique an aus dem techneschen oder generalle System, wéi haut gesot gëtt, den Accès ze erlaben. Et kann ee souguer direkt nom DAP mam Brevet de maîtrise ufänken.

D'Aschreiwungs- an d'Examenskäschte ginn zréckbezuelt. Mir hätte léiwer gehat, datt dat Zréckbezuelen a gewëssene Fäll géif spillen. Well wien „Zréckbezuele" seet, seet awer, datt ee muss fir d'éischt emol bezuelen. An dat ass och nach ëmmer eng Hürd fir gewësse Leit.

D'Indemnitéite fir den Encadrement, d'Examensvirbereedungen an d'Bewäertung ginn ugehuewen, wat u sech och nach e klenge Käschtepunkt fir d'Allgemengheet bedeit, dee mer eis awer sollen ouni Problem leeschten.

Aner Kritickpunkten, déi schonn ugeschwat gi sinn: D'Chambre des Salariés an d'Chambre des Métiers hu schonn drop opmierksam gemaach, datt de Brevet de maîtrise endlech och den Niveau 6 vum Cadre luxembourgeois des qualifications sollt kréien, also gläichgestallt gi mat engem Bachelor. E bleift elo um Niveau 5. Et gouf awer gesot, datt dat an engem weidere Projet de loi kéint nogebessert ginn. An ech mengen, datt den Här Minister vläicht nach dorobber wäert agoen.

D'Sproocheproblematik ass awer och nach ëmmer net opgehuewen. D'Fuerderung, dass een déi dräi Sprooche muss kënnen, Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch, datt ee se muss beherrschen, fir u sech eng Formatioun ofzeschléissen, entsprécht net der Realitéit vum Aarbechtsmarché an net der Realitéit vum Land. Mir sinn der Meenung, datt et muss méiglech sinn, enger Ausbildung nozegoen, ouni dräisproocheg ze sinn. Et muss een zum Beispill de Choix hunn, de ganze Kursus entweeder op Däitsch/Lëtzebuergesch oder op Franséisch maachen ze kënnen. Zemools wann een an enger Penurie ass, mengen ech, datt déi heiten Hürd, wéi a ville Fäll, erëm kontraproduktiv ass.

Duerno, wat d'Quereinsteiger ugeet: Mir bedaueren, dass Kandidaten ouni DAP keng realistesch Méiglechkeet kréien, den Handwierksberuff ze léieren, also d'Haaptaktivitéit vum Betrib. Si léieren am Brevet zwar, wéi een e Betrib féiert, mee net onbedéngt déi praktesch Säit vum Metier. Dofir wier en duale Studium, wéi an Däitschland, vläicht och eng Léisung.

Här President, wa mer d'Handwierk awer wierklech wëllen opwäerten, da geet et net duer mat Reformen, wat d'Qualifikatiounen oder d'Diplomer ugeet. Och wann dëse Projet net schlecht ass, trotz enger Partie Schwächten, riskéiert en awer, weiderhi just eng Dräps um waarme Steen ze bleiwen.

Par konter musse mer de Problem op zwee Niveauen an un der Wuerzel upaken:

Éischtens: D'Handwierk muss an der Schoul erëm opgewäert ginn. Mir hunn elo awer de Problem, datt, soubal Kanner de Fondamental ofgeschloss hunn, se mat 12, 13 Joer – da sinn et nach Kanner – virun e Choix gestallt ginn, deen u sech hiert ganzt Liewe wäert ganz staark beaflossen. Entweeder geet een an de Secondaire classique oder an de Secondaire général, den Technique, wéi mer fréier gesot hunn.

Et gëtt immens vill Argumenter, déi dofir schwätzen, dës vill ze vill fréi Orientéierung ofzeschafen. Ech wëll elo keng Ried doriwwer halen, ech hunn der scho vill gehalen, mee eent vun den Argumenter ass och, datt Schüler, déi an de Classique zum Beispill geroden, wéineg – wann iwwerhaapt – Kontakt mat handwierklechen Aktivitéite wäerte kréien.

Dobäi kënnt och, datt de General leider als dee manner gudde Lycée ugesi gëtt. Wat natierlech net stëmmt, mee e gëtt esou ugesinn, ënner anerem och wéinst de Selektiounskrittären am leschte Joer vum Fondamental. Och wann den Examen ofgeschaaft gouf, ass do näischt Fundamentales geännert ginn. Dat heescht, wien – tëschent Gänseféisercher – „manner gutt" Resultater hat, dee geet an de General.

Dës fréizäiteg Orientéierung kéint duerch en Tronc commun ersat ginn, wou Schüler sech lues a lues weiderorientéieren a souwuel intellektuell wéi och handwierklech Fächer sollen hunn. An dann, wa se 15, 16 Joer al sinn, kënne se dat ëmmer méi verfeineren an da wësse se och, wat hinne Spaass mécht.

Et kann een net vu Jonken erwaarden – dat ass dat Zweet –, datt si sech och fir e Beruff entscheeden, dee vill Asaz freet, wou een awer esou wéineg verdéngt. Am Exposé des motifs gëtt selwer drop higewisen, dass d'Handwierksausbildung ënnert den aktuelle wirtschaftleche Konditiounen net attraktiv ass, besonnesch wann ee sech eng Zukunft zu Lëtzebuerg mat Haus a Famill a sou weider virstellt.

Dofir och: Lounpolitick. Eng Mindestlounerhéijung wier an deem Sënn de Minimum, deen ee kéint maachen, fir handwierklech Beruffer opzewäerten, wëssend, datt eng Mindestlounerhéijung och derzou féiert, datt aner Léin erëm eropginn. Leider schéckt den Aarbechtsminister e katastrophaalt Signal eraus, andeems en duerch dubios Tricker versicht, eis ze erklären, de Mindestloun wier net ënnert der Aarmutsgrenz.

An et gëtt net besser, wa jonk Leit och nach mat der Perspektiv musse liewen – an ech mengen, grad si si vläicht nach méi betraff, déi, déi vläicht justement an d'Handwierk ginn –, datt se deemno wéi fënnef Joer méi laang musse schaffen, fir awer och net onbedéngt vill ze verdéngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Marc Baum** (déi Lénk) | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Wagner. Da wär d'Lëscht vun eisen ageschriwwene Riedner ofgeschloss.

D'Regierung huet d'Wuert. Här Educatiounsminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, och merci all den Intervenanten an der Rapportrice, der Madamm Agostino. An dat, wat een hei duerch déi ganz Diskussiounen héieren huet, dat ass, datt grad haut och eng Zäit kéint ubriechen, wou de gëllene Buedem vum Handwierk nach eng Kéier méi gëlle gëtt, an Zäite vun Artifizieller Intelligenz, an Zäiten, wou grad och Bürosjobben éischter riskéieren, a Gefor ze geroden doduerjer an duerch d'Digitaliséierung ewechgedréckt ze ginn, datt grad dat, wat mer brauchen, wat net kann ersat ginn, dat Handwierklecht ass, wat jidderee mat sengen Hänn ka maachen, wat jidderee mat senger Kreativitéit ka maachen, dat, wat mer alleguerte brauchen, fir ze wunnen, ze liewen, eis ze beweegen. Alles dat kann net ersat ginn a brauche mer duerfir. An dat ass eppes, wat d'Zukunft och net wäert änneren.

Fir d'Attraktivitéit vun den Handwierksberuffer, awer och vun den Handwierksformatioune grouss ze halen, mengen ech, ass et wichteg, datt ee Perspektive bitt, datt een am Handwierk, wann ee sech relativ fréi fir eng Handwierksformatioun entscheet, weess: „Ech kann nach eppes duerno maachen."

An eeben een Diplom, eng Ausbildung, déi zanter Laangem dat dote wierklech behäerzegt huet, dat ass de Meeschterbrevet, de Meeschterbréif. Et ass eng laang Traditioun, sech iwwert de Meeschterbrevet kënnen de Wee an d'Selbstännegkeet ze erschaffen, sech iwwert de Meeschterbrevet kënnen de Wee och an d'Léier ze verschaffen, dat, wat ee geléiert huet, seng Experienz, seng Kompetenzen, kënne weiderzeginn un eng nei Generatioun vun Handwierker.

An do si mer eigentlech ganz, ganz no un der Traditioun vu ganz villen Handwierksberuffer, déi, denken ech, och en Element vun der Qualitéit a vum Usproch, deen am Handwierk besteet an dee gelieft gëtt, ausmécht. An et ass hei och virun allem awer déi Traditioun, déi weidergeschriwwe gëtt mat enger Reform vum Meeschterbrevet, mee awer och eng Upassung un d'Realitéiten, d'Realitéite virun allem am Handwierkssecteur selwer.

An duerfir eeben ze kucken, datt mer d'Zuel vun den eenzelne Brevete reduzéieren, well d'Realitéit an den Entreprisen haut mëttlerweil eng ganz aner ass a mer do Entreprisen hunn, och am Handwierksberäich, déi méi breet opgestallt sinn, déi eng Rei vun Aktivitéiten ubidden a wou de Brevet just an enger eenzeger Ausbildungsspart, wou ee vläicht virdru säin DAP gemaach huet an da just dee Meeschterbréif dropmécht …, datt dat der Realitéit eeben net méi entsprécht, mee datt mer do éischter vu Famillje vu Beruffer schwätzen, vu Secteure schwätzen. An dat ass jo eigentlech, mengen ech, d'Grondessenz vun dëser Reform, nieft der Gratuitéit.

Well et schéngt mir och logesch ze sinn, datt mer eebe soen: All aneren Diplom bitt de Lëtzebuerger Staat gratis un, d'DAP-Ausbildung, d'Première an nach villes méi. A firwat solle mer eebe grad hei deenen, déi wëllen e Meeschterbrevet maachen, dat net ubidden? An den Diskussiounen huet sech deen dote Modell eeben erausgeschielt, fir op der enger Säit ze evitéieren, datt een einfach mol eng Aschreiwung mécht an awer net e fermen Engagement hannendrun huet, a fir d'Zuel vun Decrocheuren oder vun Echecken och doduerjer eigentlech direkt kënnen ze reduzéieren.

Wann et, mengen ech, nëmme politesch Decisioune wären, déi d'Astufung vun eenzelnen Diplomer am Lëtzebuerger Qualifikatiounskader géife festhalen, an ech dat, wat ech ëmmer sou héieren, hei héieren an dobaussen héieren, géif ëmsetzen, da wär herno warscheinlech all Diplom um Niveau 48 klasséiert. An ech mengen, mer sollten duerfir mat e bësse méi Virsiicht un déi Diskussioun do erugoen.

Ech hu gesot, och an der Kommissioun, datt ech mech där Diskussioun do guer net wëll verschléissen, mee ech wëll se awer en Tick wäit objektivéieren an eigentlech och vläicht eng Kéier vu bausse mol kucke loossen: Wat stécht dann an deem Meeschterbrevet do? An ass dat dann den Niveau 4? Ass dat den Niveau 5? Ass dat den Niveau 6? A wa mer dat do eigentlech erauskréien, da sinn ech deen Allerleschten, dee sech esou enger Klassifikatioun géif an de Wee stellen. Mee ech denken awer, datt et kloer muss sinn, datt dat op Basis vu konkreeten Inhalter, konkreete Kompetenzen an och vergläichbar mat anere Formatioune muss geschéien.

„Vergläichbar mat anere Formatiounen": Do musse mer awer wëssen, datt den DAP haut um Niveau 3 ass, datt eng Première an den Technikerdiplom um Niveau 4 sinn, datt de BTS an de Meeschterbréif um Niveau 5 sinn. Do kann een eng gewësse Kohärenz draus erauslIiesen, well ech maache mäin DAP an da ginn ech nach zwee Joer voll an d'Schoul, fir mäin Technikerdiplom ze maachen. Da sinn ech eréischt um Niveau 4. Wann ech meng Meeschterprüfung maachen, kann ech jo elo och direkt nom DAP ufänken an ech maache beruffsbegleedend eng usprochsvoll Formatioun, eng Formatioun, déi vill Effort a vill Disziplinn a vill Engagement verlaangt, jo, mee ech depasséieren awer schonn déi Formatioun, déi och en natierlechen Uschloss eigentlech un den DAP proposéiert, nämlech den Technikerdiplom, well mam Meeschterbréif sinn ech d'office net um 4, mee um 5.

Duerfir, mengen ech, sollt dat doten eng Kéier gekuckt ginn am Kontext vun där Diskussioun, déi mer féieren – an déi si mer amgaang ze féieren – mat de Beruffskummeren iwwert d'Formation professionnelle supérieure, well mer jo gären hätten, datt mer d'Handwierk opwäerten duerch Perspektiven, déi mer bidden, déi mer deem jonke Mënsch bidden, dee sech an d'Handwierk engagéiert, Perspektiven och bidden, nieft dem Meeschterbréif, eeben och vläicht nom DAP, nom Technikerdiplom nach déi eng oder déi aner Formatioun kënnen ze maachen. Mir wëssen, d'Technik geet weider, a mir kënnen net ëmmer nëmmen alles, wat eis vum technesche Fortschrëtt nun awer u Contenuen a Kompetenzen imposéiert gëtt, an déi besteeënd Diplomer erandrécken.

Da musse mer och vläicht bereet sinn, an där enger oder an där anerer Spart an der Beruffsausbildung, mee besonnesch eeben och am Handwierk, nach en Technikerdiplom plus ee Joer, plus zwee Joer, jo, vläicht plus dräi Joer och ze proposéieren. An dat ass dat, wat mer amgaange sinn, zesumme mat de Beruffskummeren ze diskutéieren: Wou mécht dat Sënn? Wéi strukturéiere mer dat? An an deem Kontext, mengen ech, wär et schonn interessant ze kucken: Wéi klasséiere mer dann déi Formatiounen an? Loosse mer dat zum Beispill och vu bausse kucke vun engem Genre Akkreditéierungsagence, fir och do net dernieft ze leien, fir datt dat net eng reng politesch Decisioun ass, fir ze soen: „Déi dote Formatioun, déi ass eis elo einfach esou vill wäert, well mir dat hei gären hätten", mee fir ze kucken: „Jo, ass se dann och wierklech esou vill wäert? Entspriechen déi Kompetenzen, déi ech do vermëttelt kréien, déi Contenuen, deen Engagement an deen Effort, deen ech do muss opbréngen, fir déi Qualifikatioun kënnen ze kréien, eeben och deem Positionnement am Lëtzebuerger Qualifikatiounskader?"? Wa mer dat, mengen ech, net maachen, dann huet eigentlech esou e Qualifikatiounskader absolutt kee Sënn méi. An duerfir plädéieren ech do derfir, Dir Dammen an Dir Hären.

Nieft der Formation professionnelle supérieure schaffe mer jo un engem aneren Dossier, der Première DAP, well e bëssen esou eng Säitendier opgemaach ginn ass, fir an d'Handwierk kënnen eriwwerzekommen. Datt deen, dee mat 15, 16 Joer seet: „Ech si mer nach net sécher. Ech wéilt", oder dee vläicht doheem gesot kritt: „Mäi léiwe Jong, mäi léift Meedchen, maach emol deng Première an da kucke mer weider" … Well si mer mol éierlech, all déi, déi ganz gären a Sonndesriede soen, mir sollen eis Kanner encouragéieren, an d'Handwierk ze goen: Wann den eegene Bouf oder déi eegen Duechter dosteet a seet: „Ech wëll dat dote maachen", wat soe mer dann? Vläicht hu mer och de Reflex ze soen: „Maach mol deng Première."

An ech wëll eigentlech, datt mer deenen, déi dann hir Première maachen an dann duerno awer mierken: „A, dat doten, dat géif mech awer reizen", an: „Ech wollt awer Schräiner ginn", an: „Ech wëll awer eng Kachausbildung maachen", dann déi Chance do ginn, net andeems se dann zeréck nach eng Kéier vu vir ufänken an en dräijäregen DAP maachen, mee andeems mer eng kompakt Formatioun bidde vun an der Reegel engem Joer, fir da kënne méiglechst schnell och esou en Diplom nach eng Kéier dropzepaken.

Déi Diskussioun féiere mer grad elo momentan an dëse Woche mat de Beruffskummeren. An ech sinn optimistesch, datt mer do zu engem gudde Kader kommen an och eng Rei vu Pilotformatioune kënnen definéieren, déi mer an deenen eenzelne Secteuren och kënne lancéieren.

Eng aner Diskussioun, déi mer féieren: Opwäertung. An ech mengen, datt déi Diskussioun ronderëm de Cadre de référence, d'Astufung op 5 oder 6 vum Meeschterbréif, jo och e bëssen ëm d'Suen dréint – warscheinlech. A virun allem an der Fonction publique spieren ech dat e bëssen, well vill vun deenen Interlocuteuren, déi ech gesinn dobaussen, sech grouss Suerge maachen ëm d'Ofwanderung vun hire qualifizéierten Handwierker a Richtung vun dem ëffentleche Secteur. Klammer zou. Mee well et och eng finanziell Fro ass, si mer och amgaangen, ze diskutéieren, wéi mer d'Indemnitéiten an de Formatioune vun der Beruffsausbildung och kënnen opwäerte respektiv och e Stéckwäit harmoniséieren an doduerjer, mengen ech, och kënne méi Kohärenz bréngen.

An alles dat am Package wäert sécherlech och nach eng Kéier e klore Message sinn: „Jo, géi an d'Handwierk. Jo, géi an e Secteur eran, deen der Freed mécht, wou s de Kreativitéit kanns ausliewen, wou s de mat denge Fanger eppes kanns maachen, mat dengen Hänn eppes kanns maachen, a wou s de all Dag e Resultat vun denger Aarbecht gesäis." An dat mengen ech, kann een esou kloer sécherlech net fir all aner Formatioun soen. Dat dréit zur Attraktivitéit vum Handwierk bäi an dat ass e Wee, op deem mer amgaange sinn ze goen, zesumme mat de Partner, virun allem zesumme mat de Beruffskummeren. An ech sinn awer optimistesch, datt mer do e gudde Schrëtt an deenen nächste Méint weider kënne kommen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Ech gesinn, datt een Iech nach eng Fro wëllt stellen. Sidd Der d'accord domadder, Här Minister?

*(Assentiment)*

Här Goergen.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Merci, Här Minister, virun allem fir dat, wat Der zum Schluss gesot hutt iwwert d'Ausbildung an de private Betriber an herno d'Fonction publique, déi e bëssen awer an enger deloyaler Konkurrenz stinn. Do gouf et jo e puer Diskussiounen, virun allem wa Betriber awer Zäit a Geld investéieren, fir Leit auszebilden, an herno d'Gemengen, de Staat déi einfach emol ofwerben, änlech wéi beim Fussball, ob een net sollt higoen an an Zukunft déi Ausbildung verknäppe mat enger Entschiedegung, déi de Betrib dann och géing kréie fir déi Zäit, wou en ausgebilt huet. Ass do nach eppes am Gespréich? Wäert do eppes kommen? Dat ass, well Dir et elo nach eng Kéier ugeschwat hat.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Goergen. Här Minister.

**M. Claude Meisch,** Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse | Ech hunn déi Iwwerleeung do dacks héieren. Ech muss awer soen: Fir mech bilde mer doduerjer kee méi aus. Mir hunn herno net ee méi, mee mir bezuelen eis nach géigesäiteg, wann ee vun deem enge Secteur an deen anere wiesselt. An ech hunn d'Gefill, datt mer do eigentlech nach eng Kéier en administratiivt Monster schafen, fir d'Gestioun vun esou engem System ze maachen, an op der anerer Säit awer net wierklech derzou bäidroen, datt der méi ausgebilt ginn.

Meng Äntwert, déi ech ginn, déi vläicht och an der Regierung net jidderengem gefält, dat ass awer éischter, datt de Secteur public misst an deem Mooss ausbilden an deenen dote Beruffer, wéi en och astellt. An dat ass Staat, dat si parastaatlech Entreprisen, staatlech Entreprisen, dat si Gemengen, Gemengesyndikater, déi, amplaz datt ee seet: „Ma mir loosse mol déi Privat ausbilden an da gi mer se dohinner herno pläcken", eigentlech soe missten: „Mir bilden der selwer aus a ginn der esou vill op de Marché pro Joer, wéi mer herno eigentlech och erëm wëllen astellen." Dann hätte mer nämlech eppes gemaach, wou mer op d'mannst den Ekosystem net destabiliséieren.

An ech sinn awer mat der Analys d'accord, datt e momentan éischter destabiliséiert gëtt. Ech hat viru Jore schonn en Appell gemaach un d'Regierung, fir ze soen: Kommt, mir kucken, wéi mer dat doten och matfinanzéieren, wann eenzel Secteuren, eenzel staatlech Betriber wëllen Ausbildungen ubidden an dat och e Käschtepunkt ass, wéi mer dat budgetiséiert kréien! Dat ass alles gereegelt.

Et gëtt och eng ganz Rei vu staatleche Betriber, déi ganz massiv ausbilden. Ech war selwer bei Ausbildungsbetriber kucken. Do waren och ëffentlech Betriber derbäi, do ware Gemengen derbäi, do ware staatlech Betriber derbäi, well se selwer och mierken, datt et à la longue keng strateegesch Ausriichtung ka sinn, fir den eegenen Nowuess ze suergen, andeem se just bei déi aner plécke ginn, mee datt et och en Engagement vun hinne selwer verlaangt, och am Secteur public.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Minister. Domat wär d'Diskussioun zu dësem Projet de loi dann ofgeschloss.

A mir géingen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8324 kommen. Den Text steet am Document parlementaire 8324[10].

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 8324 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmme fänkt elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. Checkt nach eng Kéier, ob Der alleguer Är Procuratioune matgeholl hutt. Ok. Bon, da schléissen ech de Vott esou of.

D'Resultat vum Vott ass: 54 Jo-Stëmmen, keng Nee-Stëmm, 5 Abstentiounen. Dëse Projet de loi ass also mat 54 Jo-Stëmmen, kenger Nee-Stëmm a 5 Abstentiounen ugeholl ginn.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Marc Lies), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par M. Jean-Paul Schaaf), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert (par M. Jeff Boonen), Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz (par Mme Stéphanie Weydert), Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Fernand Etgen (par M. André Bauler), Patrick Goldschmidt (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella (par Mme Corinne Cahen) et M. Gérard Schockmel ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten (par M. Georges Engel), Mme Claire Delcourt (par M. Franz Fayot), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Ben Polidori) et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos (par M. Tom Weidig) et M. Tom Weidig.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

*(Assentiment)*

Dann ass dat esou decidéiert.

## 11. 8452 – Projet de loi portant reclassement de certains membres du cadre policier de la Police grand-ducale et de l'Inspection générale de la police au groupe de traitement B1 et modifiant la loi modifiée du 18 juillet 2018 sur la Police grand-ducale

Mir kommen dann elo zum nächste Punkt vun haut de Mëtten, dem Projet de loi 8452 iwwert de Reklassement vu verschiddene Membere vun der Police an de Groupe de traitement B1. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht an deemno d'selwecht wéi beim Projet virdrun. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Gusty Graas, den Här Dan Biancalana, den Här Tom Weidig, den Här Meris Sehovic, den Här Marc Goergen an den Här Marc Baum. An d'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madamm Stéphanie Weydert. Madamm Weydert, Dir hutt d'Wuert.

***Rapport de la Commission des Affaires intérieures***

**Mme Stéphanie Weydert** (CSV), rapportrice | Villmools merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mam Gesetzesprojet 8452 maache mer enfin d'Valorisatioun vun den Diplomer, déi Agente vun der Police an der Inspection générale de la police hunn, a reklasséieren déi concernéiert Agenten an den Traitementsgrupp B1.

Bis ewell kréien eng ronn 400 Agenten, déi vun dëser Ännerung betraff sinn, hire Premièresdiplom oder den unerkannten equivalenten Diplom net ugerechent. Mat dësem Projet soll dës Inegalitéit endlech opgehuewe ginn an d'Agente kréien d'Méiglechkeet, an den Traitementsgrupp B1 reklasséiert ze ginn, dee se jo vun hirem Diplom hier zënter dem neie Policegesetz vun 2018 och zegutt hunn. Dëst gëllt also fir all déi, déi am Moment vum Akraafttriede vum ofgeännerte Policegesetz, also den 1. August 2018, engersäits schonn am Déngscht waren an zweetens en Ofschlossdiplom aus dem Secondaire oder den Equivalent dovunner haten.

D'Fro vum Reklassement geet och op en Arrêt vum Verfassungsgeriicht vum 9. Dezember 2022 souwéi op Arrête vun der Cour administrative aus de Joren 2022 an 2023 zréck. Den temporäre Mechanismus, fir d'Karriär ze wiesselen, déi sougenannt „Voie expresse", aus dem Policegesetz ass vum Verwaltungsgeriicht (veuillez lire: Verfassungsgeriicht) nämlech contraire zur Gläichheet virum Gesetz deklaréiert ginn, well se Persounen, déi an ënnerschiddleche Situatioune sinn, d'nämmlecht traitéiert.

Et gëtt engersäits Agenten, déi sengerzäit op den 1. August 2018 schonn déi néideg Diplomer haten, fir direkt an d'Karriär B1 ze kommen, an anerersäits déi, déi kee Premièresdiplom haten an iwwert d'Anciennetéit ënnert de Bedingunge vum Artikel 94 vum Policegesetz vun der Karriär C1 an d'Karriär B1 konnte kommen. Den Artikel 94, dee vum Verfassungsgeriicht fir verfassungswiddreg erkläert gouf, gesäit awer fir all Agent am Traitementsgrupp B1 (veuillez lire: C1) déi selwecht Konditioune vir, fir vum Traitementsgrupp C1 an de B1 ze wiesselen, egal ob den Agent den Diplom huet oder net.

Ënnert der Voie expresse mussen all d'Agenten en Travail personnel de réflexion schreiwe fir ze wiesselen. Dëst ass eng onnéideg Hürd fir déi Agenten, déi schonn e Premièresdiplom zu deem Zäitpunkt haten, esou d'Verwaltungsgeriicht a sengem Arrêt vun 2022, an et huet dës Fro iwwert de Mechanismus vun der Voie expresse un d'Verfassungsgeriicht weiderginn.

Et muss ee wëssen, datt mam Gesetz vum 18. Juli 2018 e ganz neie Wee ageschloe gouf, andeems d'Ausbildung, also den Ofschloss vun engem Premièresdiplom, entscheedend ass fir d'Klasséierung vun neie Beamten, déi nom 1. August 2018 agestallt goufen. Laut dem Verfassungsgeriicht ass et soumat net logesch, datt beim provisoresche Mechanismus vun der Voie expresse virun allem d'Beruffserfarung zielt an d'Ausbildung kaum berécksiichtegt gëtt. Dës Manéier ass weeder sënnvoll ze erklären nach ubruecht oder fair am Verglach mam Zil, dat domat verfollegt gëtt.

Déi viregt Regierung wollt scho mam Gesetzesprojet 8274, deen am Juli 2023 – also am Nachgang op déi verschidden Arrêten, déi ech virdrun ernimmt hat – deposéiert gouf, nobesseren. Dëse Gesetzesprojet huet awer net all deene Problematiken adequat Rechnung gedroen, déi d'Verfassungsgeriicht souwéi d'Verwaltungsgeriicht an hiren Arrêten opgeworf hunn, well eng Ëmklasséierung vun de betraffenen Agenten net virgesi war. Des Weideren haten déi fréier Deputéiert Fernand Kartheiser a Léon Gloden alle béid och schonn hir Gesetzesproposen deposéiert. Awer dës allen dräi goufen zréckgezunn.

Elo zum Detail vun dësem Gesetzesprojet 8452:

Den Artikel 1 schaaft de Mechanismus, ënnert deem d'Agente vun der Police souwéi déi vun der Inspection générale de la police reklasséiert kënne ginn. En erméiglecht et de concernéierten Agenten, déi aktuell am Traitementsgrupp C1 sinn (veuillez lire: déi zum 1. August 2018 am Traitementsgrupp C1 waren) an déi den 1. August 2018 schonn am Besëtz vun engem Premièresdiplom oder engem equivalenten Diplom waren, an den Traitementsgrupp B1 ëmklasséiert ze ginn.

Des Weidere preziséiert dësen Artikel déi dräi Konditiounen, déi heifir mam Stéchdatum op den 1. August 2018 mussen alleguer vum concernéierten Agent erfëllt sinn: éischtens, dass en eng definitiv Nominatioun am Traitementsgrupp C1 hat; zweetens, dass en am Déngscht, am Congé de maternité, Congé parental, Congé sans traitement bei der Police oder am Detachement bei enger anerer staatlecher Verwaltung, der Maison du Grand-Duc oder engem internationalen Organismus muss sinn; an dréttens, dass en am Besëtz vun engem Premièresdiplom oder engem als equivalent unerkannten Diplom muss sinn.

Fir an de Genoss vun der Ëmklasséierung ze kommen, muss all Agent seng schrëftlech Demande beim Interieursminister bannent dräi Méint nom Akraafttriede vun deem Gesetz, wat mer haut stëmme wäerten, stellen.

Den Artikel 2 gesäit e retroaktiven Effekt vun dëser Ëmklasséierung op den 1. August 2018 vir a leet dann och d'Modalitéite fest, wéi och de Grad, an deem d'Reklasséierung geschitt.

Den Artikel 3 erméiglecht den Agente vun der Police, déi am Delai vun der Voie expresse ënnert dem Artikel 94 vum Policegesetz Gebrauch gemaach hunn, dann och hir Nominatioun an de Grupp B1 retroaktiv op den 1. Dezember 2023 ze kréien.

Den Artikel 4 erméiglecht den Agenten, déi iwwert d'Voie expresse hiren Traitementsgrupp gewiesselt hunn, dann och retroaktiv Avancementer an de Graden ze hunn.

Des Weidere gesäit de Gesetzesprojet Ännerungen un den Artikele 77 a 94 vum Policegesetz vir, fir den temporäre Mechanismus vun der Voie expresse vum Changement vum Traitementsgrupp unzepassen an dës esou konform zur Verfassung ze maachen. De Staatsrot hat hei suggeréiert, sech um Artikel 121 vum Arméisgesetz ze orientéiere fir den neie Mechanismus, deen d'Police betrëfft. Deen Dispositif mécht notamment en Ënnerscheed tëscht de Kandidaten, déi am Traitementsgrupp C1 klasséiert sinn an e Premièresdiplom hunn op den 1. August 2018, an deenen, déi dësen Diplom zu deem Zäitpunkt net haten. D'Interieurskommissioun ass där Suggestioun nokomm a mir hunn den Artikel 94 esou ugepasst.

Dat neit Gesetz bréngt natierlech och e Käschtepunkt fir eise Staatsbudget mat sech. Et ass dovun auszegoen, datt déi retroaktiv Ëmklasséierung op den 1. August 2018 bis den 31. Dezember 2023 vun de concernéierten Agente sech op ongeféier 42,5 Millioune wäert belafen. De järleche Surplus vum Reklassement wäert sech op ongeféier 9,2 Milliounen Euro belafen.

Dëse Gesetzesprojet gouf zesummen an am Konsens mat der Police, der IGP an de Policegewerkschaften ausgeschafft.

Bei den Avise begréisst d'Association du personnel issu de la carrière B1 de l'Inspection générale de la police dës proposéiert Ännerung, freet awer méi Explikatiounen zu der Demande, déi d'Agente beim CGPO musse stellen, a fënnt, dass och all d'Agente missten ausgerechent kréien, ob déi Demande fir si favorabel wär oder net.

D'Association du personnel policier détenteur d'un diplôme de fin d'études secondaires de la Police grand-ducale begréisst den Dispositif vum Text och, huet awer seng Bedenken, wat d'Distinctioun ugeet, déi gemaach gëtt, wéini ee säin Diplom kritt huet. Dës Gewerkschaft freet deemno eng Uniformisatioun